



Fréiseng, den 23.10.2021

Am Numm vun der CSV Fréiseng a konform zum Gemeindegesetz (Artikel 13, Abschnitt 3) an dem „Ordre Intérieur de la Commune de Frisange“ (Artikel 6), setze mir gäre folgende Punkt op den Ordre du Jour vum nächsten Gemengerot:

Motioun : Ausschaffen vun engem Programm fir d'Erweiterung respektiv d'Erneuerung vun de Gemeinschaftsplazen an eiser Gemeng

Duerch d'COVID-Kris hu mer alleguerten dat lescht annerhallef Joer mat deelweis massiven Aschränkungen misse liewen. Och déi sozial Kontakter goufen extrem limitéiert a virun allem d'Kanner ënnert 12 Joer leiden och haut nach ëmmer ënnert der aktueller Situatioun.

Net nëmmen dowéinst, mee och well et fir d'Gesondheet an d'Wuelbefannen vun all eisen Awunner wichteg ass, dass si sech bewegen an zesumme fannen, proposéiert d'CSV Fréiseng dass eis Gemeng sech déi néideg Mëttel gëtt, fir an eisen 3 Dierfer d'Offer u Gemeinschaftsplazen auszubauen. Dorënner versti mer net nëmme Spillplazen fir déi kleng Kanner, mee Plazen wou d'Leit aus all Alterskategorie sech kënnen zesummefannen a Méiglechkeeten hunn fir sech ze amuséieren a fit ze bleiwen.

D'Erweiterung vun der Spillplaz zu Uespelt op Waasserkierthen duerch Apparater speziell fir déi eeler Leit, op Initiativ vun der Kommissioun vum drëtten Alter, war en éischte Schratt an dës Richtung. Mee nët nëmmen zu Uespelt ginn et eeler Leit. An donieft ginn et och nach aner spezifesch Besoien. Hei eng kleng Opzielung vun méigleche Punkten, déi an dësem Programm kéinten opgeholl ginn:

- Festleeën wéi eng Plazen an eiser Gemeng sech fir esou Gemeinschaftsplazen eegenen a wéi eng Altersgruppen hei betraff sinn, dëst op Basis vun den demographeschen Donnéeën;
- Leit, déi an hirer Mobilitéit ageschränkt sinn, mat abezéien an hinnen och Apparater zur Verfügung stellen;
- Lokal Spillplazen an de Quartieren a Lotissementer wou vill Kanner wunnen, mat Spiller fir all Alterskategorien (Nestchaukel, Rutschbahn, Waasserspiller, Klettertuerm, Gol, Basketskuurf, ...).
- Iwwerdeckten Sätz- a Raschtméiglechkeeten, souwéi fräi Flächen virgesinn, z.B. wann Noperschaftsfester stattfannen

Eis Gemeng huet duerch d'Reform vun de Gemeengefinanzéierung haut méi Suen zur Verfügung wéi nach virun e puer Joer. Och dorunner soll et also net scheitern.

Dëse Programm sollt nët eleng mat spezialiséierten Etudebureauen ausgeschafft ginn, mee och de Gemengerot an déi concernéiert Kommissiounen sollte mat agebonne ginn. Och sollt een sech iwwerleeën fir d'Awunner mat anzebezéien, well si déi spezifesch Besoinen an hirem Quartier am beschte kennen.

Dofir decidéiert de Gemengerot:

- De Schäfferot soll d'Ausschaffe vun engem Programm fir d'Erweiderung an d'Erneuerung vun de Gemeinschaftsplazen an eiser Gemeng an d'Weeër leeden..
- Nieft de vertruedene Parteien am Gemengerot an de concernéierte Kommissiounen, sollen och d'Awunner aus de betraffene Quartieren mat agebonne ginn.
- An dësem Programm soll, nieft de Besoinen fir déi verschidden Alterskategorien, och déi spezifesch Besoinen fir "Personnes à mobilité réduite" considéiert ginn.
- Am Budget 2022 sollen déi néideg Mëttel virgesi ginn fir esou e Programm auszeschaffen an e Budgetsplanng fir déi nächst Joeren opzestellen.
- Och sollt am Budget 2022 an extraordinäre Budgetsposten virgesi ginn, fir eventuell schonns am nächste Joer mat der Ëmsätzung vum Programm unzufänken.

Marc Jacoby

Claude Courtois

Georges Hoffmann